# Géisdrefer LANTER

2024 / 01 | INFORMATIOUNSZEITUNG VUN DER GEMENG GÉISDREF



# SOMMAIRE



## IMPRESSUM

Éditeur responsable:
Administration communale de Goesdorf

Rédaction:
Sandy Floener

Coordination et traduction:
Sandy Floener

Cover Photos:
Romy Schouten

Photos:
Romy Schouten

Design:
Zoë Mondloch

Mise en page:
brain&more
agence en communication

Impression :
Print Solutions
750 exemplaires

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

04-05 Avis au public

06-09 PAG, PAP a Bautereglement

10-11 Evolutioun vun der Gemeng Géisdref

12 Presentatioun Employé/ Nei Kommissiounen

13 Krëstmoart

14-17 Presentatioun: Entreprise de Charpente C.Goebel et fils sàrl

18-21 E Stéck Geschicht: Den Day G. Turner an d'Wonner vun Dol

22 Guichet Unique PME/ KlimaAgence

23 Club Uewersauer

24 Semaines de la Santé mentale

25 Stëftung Hëllef Doheem – 25 Joer

26-27 Foto-Opruff

28-31 Lokal Veräiner

32 Är Meenung zielt!

33 Manifestatiounskalenner

34-39 Foto-Reportage



# AVIS AU PUBLIC

***Problèmes de propreté et de salubrité publique Déjections canines***

*Nous vous rappelons fermement les dispositions de notre règlement général de police du 26 juin 2018, stipulant de manière catégorique dans ses articles 11 et 51 que les propriétaires et les gardiens de chiens sont tenus de prévenir toute souillure des trottoirs, des voies résidentielles ou piétonnes, des aires de jeux, des espaces verts publics, des constructions avoisinantes ainsi que les abords des voies par les excréments de leurs animaux.*

*Malheureusement, lors des travaux d'entretien des espaces publics tels que les places, les plantations, et les espaces verts situés le long des trottoirs, ainsi que les abords des routes et chemins de notre commune, il se montre que ces lieux sont régulièrement envahis par les déjections canines.*

*Cette situation est non seulement extrêmement désagréable pour les employés municipaux affectés à des tâches manuelles, mais également pour les entreprises chargées du nettoyage, qui doivent faire face à l'élimination des excréments de chien, sans mentionner le nettoyage des équipements tels que les tondeuses et les faucheuses qui entrent en contact avec ces déchets.*

*Il est impératif de souligner que les mesures et solutions mises en place ne pourront avoir d'effet que si elles sont accompagnées d'une coopération effective de la part des propriétaires de chiens. Nous exigeons donc un comportement responsable de votre part : veillez à retirer systématiquement les excréments de vos chiens afin de préserver la propreté et le respect des espaces publics pour tous.*

***Soyez respectueux des autres, enlevez les excréments de vos chiens !***

**Probleme der öffentlichen Sauberkeit und Hygiene Hundekot**

Wir erinnern Sie nachdrücklich an die Bestimmungen unserer allgemeinen Polizeiverordnung vom 26. Juni 2018, die in den Artikeln 11 und 51 eindeutig festlegen, dass Hundebesitzer und -halter verpflichtet sind, jede Verschmutzung von Bürgersteigen, Wohn- oder Fußgängerstraßen, Spielplätzen, öffentlichen Grünflächen sowie Anlagen und Grünflächen entlang der Straßen und Feldwege durch die Exkremente ihrer Tiere zu verhindern.

Leider zeigt sich bei Instandhaltungsarbeiten an öffentlichen Plätzen, Pflanzungen und Grünflächen entlang der Bürgersteige sowie den Anlagen entlang der Straßen und Wege unserer Gemeinde immer wieder, dass diese Orte von Hundekot überflutet werden.

Diese Situation ist äußerst unangenehm für die Gemeinde-Arbeiter, sowie auch für die Unternehmen, die mit der





Reinigung beauftragt sind und welche sich mit der Entsorgung von Hundekot sowie der Reinigung der Geräte wie Rasenmähern und -trimmern, die mit diesen Abfällen in Kontakt kommen, auseinander-setzen müssen.

Es ist wichtig zu betonen, dass diese Maßnahmen und Lösungen nur dann wirksam sein können, wenn sie von einer effektiven Zusammenarbeit der Hundebesitzer begleitet werden.

Wir fordern daher ein verantwortungsvolles Verhalten Ihrerseits: Entfernen Sie konsequent die Exkremente Ihrer Hunde, um die Sauberkeit und den Respekt der öffentlichen Räume für alle zu bewahren.

**Seien Sie respektvoll, entfernen Sie die Exkremente Ihrer Hunde!**

**Glasfaser-Réseau – Post Lëtzebuerg**

D'Aarbechte fir den Uschloss vun eisen Dierfer un de Glasfaserreseau sinn am Fréijoer 2023 ugelaf. D'Aarbechten zu Bidscht goufen am Oktober 2023 ofgeschloss. Den Uschloss vun Dol gëtt fir de Summer ofgeschloss.

Am September ginn dann d'Aarbechten zu Géisdref un, déi viraussiichtlech bis ugangs 2025 undaueren.

Zu der nämmlechter Zäit ginn d'Aarbechten zu Masseler un, déi bis Enn des Jores ofgeschloss solle ginn.

Boukels muss sech nach e bësse gedëllegen, hei sollen d'Aarbechte mat Uschlossaarbechten vum SIDEN gekoppelt ginn. Viraussiichtlech fannen se 2025 statt.

Fir 2026 soll an der ganzer Gemeng Glasfaser disponibel sinn.

***Réseau fibre optique – Postes et télécommunications***

*Les travaux de raccordement de nos villages au réseau de fibre optique ont commencé au printemps 2023. Les travaux à Buederscheid ont été achevés en octobre 2023. Le raccordement de Dahl sera terminé pour l'été 2024.*


*Les travaux à Goesdorf commenceront en septembre et se poursuivront probablement jusqu'au début de l'année 2025.*

*Dans le même temps, Masseler sera également raccordé au réseau, ce qui devrait être terminé de septembre jusqu'à la fin de l'année.*

*Bockholtz devra patienter un peu, les travaux seront couplés au raccordement au réseau des eaux usées du SIDEN. Les travaux sont prévus pour 2025.*

*Pour 2026, toute la commune est prévue d'être raccordée au réseau de fibre optique.*

# PAG, PAP A BAUTEREGLEMENT



## KOMPLETT NEIERUNG VUM ALLGEMENGEN ENTWÉCKLUNGSPLANG (PAG) – ENTRÉE EN VIGUEUR

Den neien « Projet d'Aménagement Général – Refonte complète du Plan d'Aménagement Général (PAG) » (komplett Neierung vum allgemengen Entwécklungsplang – PAG) gouf den 28. Juli 2023 vun der Madame Innenministesch approuvéiert an de 15. November 2023 vum Ëmweltministère arrêtéiert.

De « Projet d'Aménagement Particulier quartier existant (PAP QE) » (spezifesche Bebauungsplang bestoenden Quartier – PAP QE) gouf den 28. Juli 2023 vun der Madame Innenministesch geneemegt.

Déi approuvéiert schrëftlech a grafesch Deeler vum PAG a PAP QE sinn 3 Deeg no hirer Publicatioun a Kraaft getrueden a kënnen um Gemengesite (www.goesdorf.lu) ënner der Rubrik « Informations pratiques – Urbanisme – Refonte du PAG » agesi ginn.

! OPGEPASST ! Nëmmen d'Dokumenter vum komplette PAG-Dossier, déi op der Gemeng leien, si verbindlech.

Dat neit Bautereglement (règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites – RBVS) gouf vum Gemengerot a senger Sitzung vum 23. Februar 2024 beschloss. D'Reglement gouf den 20. Mäerz 2024 vum Inneministère, dat fir Gemengeplanung a stättesch Entwécklung zoustänneg ass, approuvéiert. Et ass dräi Deeg no senger Publicatioun a Kraaft getrueden.

# WAT ASS E PAG?

De PAG ass den allgemengen Entwécklungsplang (plan d'aménagement général – PAG), en administratiivt Dokument op Gemengen-Niveau, wat aus engem grafeschen an engem schrëftlechen Deel besteet. En deckt dee kompletten Territoire vun der Gemeng of an ënnerdeelt et a verschidden Zonen, vun deenen d'Bebaubarkeet festgeluecht gëtt.

**De PAG soll Follgendes sécherstellen:**

- d'rationell Notzung vum Buedem
- d'harmonesch Entwécklung vun urbanen a ländleche Strukturen
- de Schutz vu kulturellem Patrimoine an der natierlecher Ëmwelt
- d'ëffentlech Sécherheet an Hygiène
- D'Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun der Bevëlkerung
- d'rationell Notzung vun Energie

Zil vum allgemengen Entwécklungsplang ass d'Verdeelung an d'Usiidlung vu mënschlechen Aktivitéiten a verschidden Zonen, fir eng kohärent an nohalteg Entwécklung vun der Gemeng sécherzestellen, op Basis vun den Ziler, déi am Artikel 2 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer déi kommunal Raumuerdnung a Stadentwécklung festgeluecht sinn.

# WAT ASS E PAP (NQ AN QE)?

Déi spezifesch Bebauungspläng « neie Quartier » (PAP-NQ) an « bestoende Quartier » (PAP-QE), déi an der Applikatioun vum geännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer déi kommunal Raumuerdnung a Stadentwécklung (Gesetz ACDU) opgestallt goufen, hunn zum Zil, de PAG vun enger Gemeng op lokalem Niveau ze konkretiséieren an ëmzesetzen, mat Ausnam vu Gebitter déi an enger grénger Zon (zone verte) leien oder déi Géigestand vun engem Flächennotzungsplang sinn.

# WAT ASS E BAUTEREGLEMENT (RBVS)?

D'Reglement iwwer Gebaier, ëffentlech Weeër a Plazen (règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites – RBVS) ass e rechtlecht Dokument, dat laut Artikel 38 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer déi kommunal Raumuerdnung a Stadentwécklung dat vu jidder Gemeng muss opgestallt ginn. D'Bautereglement beschäftegt sech haaptsächlech mat Stabilitéit, Sécherheet, Gesondheet souwéi mat der Nohaltegkeet an der Bequeemlechkeet vum ëffentleche Raum, de Plazen, de Bauwierker, Gebaier an Anlagen an hirem jeeweilegen Ëmfeld. Et leet och d'Prozedure fest fir d'Zouweisung vu Baugeneemegungen, d'Norme fir d'Baustellopriichten an d'Reegelen zur Brandschutzpräventioun an dem Ofrappe vu baufällege Gebaier.

Allerdéngs enthält et net méi, wéi fréier, Virschrëften a Bestëmmungen zu Ofstand- an Héichtebeschränkungen vu Gebaier, well déi an de spezifesche Bebauungspläng (PAP) festgeluecht ginn.

D'Bautereglement gëllt fir dee ganze Gemengenterritoire.



# *PAG, PAP ET RÈGLEMENT SUR LES BÂTISSES*

## ***Refonte complète du nouveau plan d'aménagement général – entrée en vigueur***

*Le « Projet d'Aménagement Général – Refonte complète du Plan d'Aménagement Général (PAG) » a été approuvée en date du 28 juillet 2023 par Madame la Ministre de l'Intérieur et a été arrêté par Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable en date du 15 novembre 2023.*

*Le « Projet d'Aménagement Particulier quartier existant (PAP QE) » a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 28 juillet 2023.*

*Suite aux décisions ministérielles et après publication en bonne et due forme, les parties écrites et graphiques approuvées du PAG et du PAP QE sont entrées en vigueur trois jours après sa publication.*

*Ils peuvent être consultés sur le site internet de la commune (www.goesdorf.lu) sous la rubrique « Informations pratiques – Urbanisme – Refonte du PAG ».*

*! ATTENTION ! Seuls les documents du dossier intégral du PAG déposé à l'Administration communale font foi.*

*Le nouveau Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites (RBVS) a été arrêté par le conseil communal en sa séance du 23 février 2024. Ledit règlement a été approuvé en date du 20 mars 2024 par le Ministère des Affaires Intérieures ayant l'aménagement communal et le développement urbain dans ses attributions. Il est entré en vigueur trois jours après sa publication.*



# QU'EST-CE QU'ON ENTEND PAR UN PAG ?

*Le plan d'aménagement général (PAG) est un document réglementaire, de niveau communal, constitué de parties graphiques et d'une partie écrite. Il couvre l'ensemble du territoire communal qu'il divise en diverses zones, dont il arrête la constructibilité.*


***Le PAG vise à garantir :***

- *l'utilisation rationnelle du sol*
- *le développement harmonieux des structures urbaines et rurales*
- *le respect du patrimoine culturel et la protection de l'environnement naturel*
- *la sécurité et l'hygiène publiques*
- *l'amélioration de la qualité de vie de la population*
- *l'utilisation rationnelle de l'énergie*

*L'objectif du plan d'aménagement général est la répartition et l'implantation des activités humaines dans diverses zones afin de garantir un développement cohérent et durable de la commune, sur base des objectifs définis par l'article 2 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.*

# QU'EST-CE QU'ON ENTEND PAR UN PAP (NQ ET QE) ?

*Les plans d'aménagement particulier « nouveau quartier » (PAP-NQ) et « quartier existant » (PAP-QE), établis en application de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain (loi ACDU), ont pour objet de préciser et d'exécuter le PAG d'une commune, à l'échelle locale, à l'exception des terrains situés dans une zone verte ou faisant l'objet d'un plan d'occupation du sol.*



# C'EST QUOI EXACTEMENT UN RÈGLEMENT SUR LES BÂTISSES, LES VOIES PUBLIQUES ET LES SITES (RBVS) ?

*L'article 38 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain prévoit que chaque commune est tenue d'édicter un règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites. Le règlement sur les bâtisses porte essentiellement sur la solidité, la sécurité, la salubrité ainsi que la durabilité et la commodité du domaine public, des sites, des constructions, des bâtiments et des installations ainsi que leurs abords respectifs. Il détermine en outre les procédures de délivrance des autorisations de construire, les normes quant à l'aménagement des chantiers tout comme les règles relatives à la prévention-incendie et à la destruction des bâtiments menaçant ruine.*


*Ceci dit, il ne contient plus, comme par le passé, des prescriptions urbanistiques telles que des dispositions relatives aux reculs et hauteurs de constructions, celles-ci figurant dorénavant dans les seuls plans d'aménagement particulier.*

*Le règlement sur les bâtisses s'applique sur l'ensemble du territoire communal.*


# D'EVOLUTIOUN VUN DER GEMENG GÉISDREF

## *L'ÉVOLUTION DE LA COMMUNE DE GOESDORF*

### Évolution de la population 1821 – 2024




### Évolution par village 1991 – 2024



Mir kruten am Fréijoer e ganz flotte Video vum Här Luc Diseviscourt geschéckt: „Eis Dierfer am Wandel – 2023 am Verglach zu 1967“, deen d’Evolutioun vun deenen eenzelnen Dierfer weist.

Doropshin hu mir eis d’Statistiken erëm gesicht, fir des Evolutioun an Zuelen ze verdäitlechen.

*Au printemps, nous avons reçu une superbe vidéo de Monsieur Luc Diseviscourt : « Nos villages en mutation – 2023 par rapport à 1967 », qui montre l’évolution des différents villages de la commune.*

*Suite à cela, nous avons recherché des statistiques qui illustrent de manière chiffrée cette évolution.*

De Video kennt dir iech hei ukucken:
*Vous pouvez visualiser la vidéo ici :*

E grousse Merci un de Luc Diseviscourt !
*Un très grand merci à Monsieur Luc Diseviscourt !*


















# PRESENTATIOUN EMPLOYÉ



**Numm/*Nom* :** Louis Watgen
**Tel./*Tél* .:** +352 83 92 70 – 22
**E-Mail :** louis.watgen@goesdorf.lu
**Service :** Population et État civil

**Ab dem /*à partir du* :**
01.05.2024

**bis den/*jusqu'au* :**
30.04.2025

**Chargë / *charges* :**

- Pass/*passeport biométrique*
- Carte d'identité
- Un- an Ofmeldungen (ausserhalb vum Grand-Duché)/*déclaration d'arrivée et de départ (hors Luxembourg)*
- Ausstellung vu verschiddenen Zertifikaten/ *délivrance des différents certificats*
- Ausstellung vu Kopien vun Zivilstandsakten/ *délivrance de copie ou extrait des actes de l'état civil*
- Autorisations parentales
- Légalisation de signature
- Copies conformes
- Ausstellung an Ernéierung vum Contrat chèque-service-accueil (CSA)/*adhésion et renouvellement chèque-service-accueil (CSA)*
- Umellung Hënn/*déclaration des chiens*
- Hochzäiten, PACS'en an Lëtzebuergesch Nationali-téit/*état civil et indigénat*

# NEI KOMMISSIOUNEN

## Commission communale du vivre-ensemble interculturel :

Lis Breyer, conseiller communal
Fernand Paquay, conseiller communal
Mélany Freitas
Renée Goeres
Fernande Cécile Renée Seil
Sónia Marina Gomes Baptista

## Klima-Team :

Sandra Antinori, conseiller communal
Georges Biever, conseiller communal
Max Thillens
Gabrielle Tychon

# KRËSTMOART

## *MARCHÉ DE NOËL*

**SAVE THE DATE**
**29. & 30.11.2024**



Den 1. an 2. Dezember 2023 huet déi 1. Editioun vum Krëstmoart zu Dol am Schoulhaff stattfonnt. An Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner an dem Schoulcampus hunn hei 10 Chalete Plaz fonnt, wou Iessen, Gedrénks an e puer flott Chrëschtdekoratioune verkaaft gi waren.

E besonneschen Highlight war natierlech de Besuch vum Kleeschen.

Fir déi musikalesch Ambiance um Weekend hunn „Two VoiSis“ an „d’Géisdrefer Strëpp“ gesuergt.

Mir soe jidderengem e grousse Merci, de gehollef huet, dass de Krëstmoart sou ee groussen Erfolleg ginn ass. Mir freeën eis op déi nächst Editioun déi den **29. an 30. November 2024** zu Dol virun der Haaptentrée vun der Schoul stattfanne wäert.

An Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun wäert dir dëst Joer och eng ganz Réi vun Hobby-Stänn virfannen, wou bestëmmt deen een oder anere flotte Kaddo ze fannen ass.

*Les 1er et 2 décembre 2023, la première édition du marché de Noël a eu lieu dans la cour de l’école de Dahl.*

*En collaboration avec les associations locales et le campus scolaire, dix chalets y ont pris place et ont vendu de la nourriture, des boissons et quelques belles décorations de Noël. Un moment magique a bien sûr été la visite du Père Noël. « Two VoiSis » et la « Géisdrefer Strëpp » ont assuré l’ambiance musicale du week-end.*

*Nous remercions chaleureusement tous ceux qui ont contribué à faire du marché de Noël un tel succès !*

*Nous attendons avec impatience la prochaine édition qui aura lieu les* ***29 et 30 novembre 2024*** *devant l’entrée principale de l’école à Dahl.*

*En collaboration avec la commission culturelle, vous trouverez cette année une série de stands de loisirs créatifs, où vous trouverez certainement l’un ou l’autre beau cadeau.*

# PRESENTATIOUN: ENTREPRISE DE CHARPENTE C.GOEBEL ET FILS SÀRL



**Entreprise GOEBEL & fils ass ee modernen Handwierksbetrib an 3ter Generatioun a besteet säit méi wéi 100 Joer.**

1919 huet eise Grousspapp, de Felix Goebel de Startschoss zu däser Erfollegsstory ginn. Heen an seng Nokommen hu mat vill Fläiss, Wäitsiicht an dem Wëllen, sich stänneg ze verbesseren, an däser laanger Zäit de Betrib zu dem gemaach, wat en haut ass. Duerch geziilten Investitioune kucke mir ëmmer fir um letzte Stand vun der Technik ze sinn a soumat „up to date" ze si fir de Wënsch vun eiser Clientèle kenne gerecht ze ginn.

Als rengen Zëmmermannsbetrib ugefaangen, huet eise Betrib sich kontinuéierlech weiderentwéckelt, a mir si lo ganz breet opgestallt mat engem villfältegen Angebot un Déngschtleeschtungen. Mir baue




*Vorher*

**Et kann een aus Alles eppes maachen, a mat Wëllen an dem richtege Know how entsteet herno een onvergläichleche Bijou !**

komplett Holzhaiser, Ubauten, Hallebau, Holzbrécken, Terrassen, Pergolaen, Holz- an Trespa-Fassaden, ausserdeem bidde mir Späicherausbau an Trockenbau mat allen Isolatiounsaarbechten un. All Daachdeckungsaarbechten a Schifer an Zénk, och Flaachdaachofdichtung mat Begrünung féiere mir an Eegeregie aus. Och kleng Reparaturen um Daach si wëllkomm. Well Photovoltaik lo ee grousst Thema ass, hu mir eis entscheet fir och déi Part mat enger spezialiséierter Firma zesummen ze plangen an unzebidden.

Säit jeher si mir an der Albaurenovéierung ganz staark, an duerch déi enorm gesammelt Erfarunge mat Sécherheet dee richtege Partner, fir engem ale Gebai mat senger Geschicht neit Liewen anzehauchen, an zwar sou, dass de Charakter vum Gebai erhale bleift a respektéiert gëtt. Et kann een aus Alles eppes maachen, a mat Wëllen an dem richtege Know how entsteet herno een onvergläichleche Bijou !

Mir schaffen aktuell mat 25 Leit, a sinn an alle Beräicher top besat. Ganz vill Aarbechter si scho laang bei eis, 30 – 35 Joer si keng Seelenheet. 6 Leit ware souguer tëschent 37 an 42 Joer bei eis, dat beweist dass mir als Familljebetrib op Kontinuitéit setzen.

Mir leeë ganz vill Wäert op Qualitéit, an op den Abau vun ökologeschen an nohaltegen Naturprodukter. Dat ass a war schonn ëmmer eis Astellung a mir si voll dovun iwwerzeegt, och well mir domat déi besten Erfarunge gesammelt hunn! Och ee ganz wichtegt Thema bei eis ass nach Offallvermeidung. Mir probéieren ëmmer, erhalenswierdeg Materialie rëm anzebauen, natierlech falls et méiglech ass. All eis Fournisseure kréie vun eis kloer Virgaben a musse sich genau sou wéi mir selwer strikt dorunner halen. Iwwerflësseg a schlecht Verpackunge ginn net akzeptéiert. Nëmmen sou kenne mir eiser Wegwerfgesellschaft entgéintsteieren.

Och an dësen, fir jiddereen net einfachen Zäiten, maache mir eis Bescht a ginn Alles, fir dass eise Betrib nach laang op sengem héijen Niveau weiderbesteet.

**L'entreprise Goebel est une entreprise de construction en bois de troisième génération et existe depuis plus de 100 ans.**

*En 1919, notre grand-père Félix Goebel a donné le coup d'envoi de cette histoire à succès. Au cours de cette longue période, lui et ses descendants ont travaillé dur, la clairvoyance et la volonté de s'améliorer constamment pour faire de l'entreprise ce qu'elle est aujourd'hui : une entreprise moderne de construction en bois et de couverture avec une très large gamme de produits. Grâce à des investissements ciblés, nous essayons toujours d'être à l'avant-garde du temps et de la technologie afin de répondre à nos demandes et aux souhaits de nos clients.*

*Initialement une pure entreprise de charpente, notre firme s'est constamment développée pour se positionner aujourd'hui très largement avec une gamme diversifiée de savoir-faire et de services. Nous construisons des maisons complètes en bois, des extensions, des constructions de halls, des ponts en bois, terrasses, pergolas, et des façades en bois et en Trespa. Nous proposons également l'agrandissement de l'espace de vie par la transformation du grenier, la construction de cloisons sèches avec tous les travaux d'isolation.*

*Nous réalisons en interne tous les travaux de couverture en ardoise, tuile et zinc ainsi que l'étanchéité des toits plats avec des toitures végétalisées. Même les petites réparations sur le toit sont les bienvenues. Comme les installations photovoltaïques sont un sujet d'actualité, nous avons décidé de planifier et de proposer ce domaine important en collaboration avec une entreprise spécialisée.*

***Tout est possible, et avec la volonté et le savoir-faire adéquat, un bijou incomparable peut être créé.***



*Nachher*



**C.GOEBEL & FILS**

Charpentes, constructions en bois
ferblanteries, couvertures et étanchéités

*Nous avons toujours été très forts dans la rénovation de bâtiments anciens, et grâce à l'énorme expérience que nous avons acquise, nous sommes certainement le partenaire idéal pour redonner vie à un bâtiment ancien avec son histoire, d'une manière qui préserve et respecte son caractère. Tout est possible, et avec la volonté et le savoir-faire adéquat, un bijou incomparable peut être créé.*

*Nous travaillons actuellement avec 25 personnes bien formées et disposons donc d'un personnel compétent dans tous les domaines. De nombreux travailleurs sont chez nous depuis longtemps, 30 à 35 ans ne sont pas rares. 6 personnes ont même travaillé entre 37 à 42 ans pour nous. Cela prouve qu'en tant qu'entreprise familiale, nous tenons sur la continuité.*

*Nous attachons une grande importance à la qualité et à l'utilisation de produits naturels et durables. Cela a toujours été notre attitude et nous en sommes pleinement convaincus, car nous avons accumulé les meilleures expériences dans ce domaine. Un sujet très important pour nous est la prévention des déchets. Dans la mesure du possible, nous essayons toujours de réinstaller les éléments et matériaux qui méritent d'être préservés. Nous donnons à nos fournisseurs des directives claires qu'ils doivent respecter strictement : les emballages inutiles et de mauvaise qualité ne sont pas acceptés. C'est la seule manière de lutter contre notre société du jetable.*



*Même en ces temps difficiles, nous faisons de notre mieux pour que notre entreprise continue d'exister à son haut niveau pendant longtemps.*

*Text: Christian Goebel*


# DEN DAY G. TURNER AN D'WONNER VUN DOL



Zwee Zaldote vum 319th Infantry Regiment/80th Infantry Division am Schnéi zu Dol. D'Gebai am Hannergrond ass den Haff "Am Aastert". (Offiziell U.S. Army Foto/Archiv Géisdref)

Baséiert um Artikel *Day G. Turner and the Battle of Am Astert* vum Martin K. A. Morgan

Am Dezember 1944 huet den Adolf Hitler ee leschten, grousse Versuch gestart, den Ausgang vum Krich dach nach a seng Richtung ze lenken. Mat der Ardennenoffensiv huet hien déi amerikanesch Truppen, déi un der Front tëscht Iechternach a Monschau (D) positionéiert waren, iwwerrascht. D'Zil vun der Offensiv war et, den Hafe vun Antwerpen an der Belsch anzehuelen, fir domadder déi brittesch an déi amerikanesch Truppen ze splécken. Och, oder éischter virun allem d'Gemeng Géisdref, bluff vun der Ardennenoffensiv net verschount. Wärend déi däitsch Truppe vu Kautebaach erop op Nacher koumen, sou hunn sech d'Amerikaner vum Heischtergronn erop hire Wee a Richtung Géisdref, a schliisslech bis op Dol gemaach. Do sollt et dunn den 8. Januar 1945 zu engem legendären Openanertreffen tëschent den zwou Säite kommen, mam besseren Enn fir d'Amerikaner.




De Wee vun der däitscher Attack vun der Loft aus gesinn. (Foto: Martin Morgan, 2016)

De 6. Januar 1945 hat een Trupp vun néng Zaldote vun der 80th Infantry Divisioun ënnert der Leedung vum Sergeant Day G. Turner sech zu Dol am Haff Aastert stationéiert. Vun do aus war hire Bléck a Richtung Nacher geriicht, wat well vun den Däitschen ageholl gouf. Den Turner a seng Männer sinn am Bauerenhaus an Deckung gaangen a ware prett, op eng méiglech däitsch Attack ze reagéieren. An tatsächlech hunn se net laang missen dorop waarden. De 7. Januar sinn zwee Battallioune vun der däitscher Führergrenadier Brigade vun Norden aus iwwert De Knupp an eng Dëllt virgedrongen, do, wou een Deel vun der Nacher Bach entspréngt.

Schliisslech hunn se de schützende Bësch verlooss a wollten a Richtung Aastert stiermen, mee de Schnéi huet hinnen dëst massiv erschwéiert. Den Turner a seng Männer hate kee Problem, sechs däitsch Zaldote vum Bauerenhaus aus ofzeschéissen, an domadder eng éischt Attack ofzewieren.

Domadder war et awer nach net gedoen. Nodeems sech den däitschen Trupp op Nacher zréckgezunn hat, hunn si sech eng nei Taktik iwwerluecht. De Moien drop, géingt hallwer 5, hunn déi Däitsch mat Nebelwerfer a Mörser déi ganz Ëmgéigend an Damp an Niwwel gehëllt, deen hinne Schutz beim zweeten Ugrëff sollt ginn. Mat der Ënnerstëtzung vun aacht Panzer ass hire Plang schliisslech opgaangen. Zimmlech séier sollten awer sechs dovun ausser Gefecht gesat ginn. Déi Däitsch haten hire Momentum verluer. Trotzdeem konnt géint der Mëtteg een éischten Deel vun den Däitsche lénks laanscht d'Haus schläichen. Am klénge Bannenhaff vum Aastert stoungen si du face à face mat den Amerikaner, déi aus dem 1875 erbauten Haus raus op déi Däitsch geschoss hunn. Spuere vun dësem Schosswiessel sinn haut nach ze erkennen. Wärend d'Amerikaner dëse Schosswiessel fir sech entscheede konnten, huet een zweete Grupp vun däitschen Zaldoten sech hannert dem Haus a Richtung Scheier opgemaach. Um ieweschte Stack vun der Scheier setzt den Day G. Turner, den héiert, wéi däitsch Zaldote probéieren, an d'Scheier eranzekommen.



**De Sergeant Day G. Turner**
Wéi bei sou Geschichten üblech ass et hautzedaags schwéier, d'Realitéit vun der Fiktioun ze ënnerscheeden. Mat de Joren entsti Legende ronderëm dës Kämpf. Sou och hei, wou déi follgend Erzielung sécherlech net Wuert fir Wuert ze huelen ass, mee éischter als Deel vun enger Legend ze gesinn ass. Am Dokumentaire „The Greatest Battle Implement Ever Devised: George Patton, Luxembourg and the M1 Rifle" vum National Geographic Historiker Martin Morgan, beschreift hien d'Situatioun follgendermoossen: nodeems déi Däitsch an d'Scheier agedronge sinn, konnt den Turner déi éischt Zaldoten nach ofschéissen. Een däitschen Zaldot konnt den Turner iwwerraschen, an ass an dem seng Richtung gelaf komm. Den Turner, den zu dem Ament keng Munitioun méi hat, konnt dësen Zaldot awer mat sengem Bajonett vu sengem M1-Gewier erstiechen. Dobäi ass awer d'Gewier tëscht de Rëpper vum Zaldot stieche bliwwen, sou dass den Turner schliisslech ouni Waff do stoung.

Dat eenzegt, mat dem hien sech lo nach am Eent-géingt-Eent wiere kann, ass eng al Uelegluucht, déi un der Mauer houng. Hien hëlt se, a wërft se op déi Däitsch Zaldoten. Ee kritt se op de Kapp, véier aner Männer gi vum gliddegen Ueleg getraff. Brennend lafen déi véier Zaldoten zréck raus a rullen sech am Schnéi, fir d'Feier auszemaachen. An Tëschenzäit ass een zweete Grupp vun däitschen Zaldoten an d'Scheier agedrongen. Den 23 Joer alen Turner notzt seng Handgranate fir de Géigner ze eliminéieren. Den Turner hëlt sech eent vun den däitsche Gewierer a verdreift domadder déi Däitsch aus der Scheier. Bis dato goufe fënnef GI's verwonnt. Mat den zwee onverletzte verléisst den Turner d'Scheier. Duerch den Niwwel konnt hie weider däitsch Zaldoten erkennen, déi laanscht déi lénk Säit vum Haus gelaf sinn. Amplaz hinnen hannendrun ze lafen decidéiert sech den Turner dozou, riets laanscht d'Haus ze lafen. Um Eck trëfft hien op den iwwerraschten däitschen Trupp an erschéisst hiren Anführer. Hie wërft eng lescht Granat a geheit sech an Deckung. No der Explosioun gesäit hien déi 25 verbliwwen, mee verletzt däitsch Zaldoten. De Bilan no 4 Stonne Kampf: 11 däitsch Doudeger, an och een amerikanescht Affer. Op Gronn vun der däitscher Iwwerleeënheet an Zuelen, kann ee wierklech vun engem Wonner schwätzen, dass den Turner a seng aacht Männer den däitsche Virmarsch gestoppt hunn.

Wéi vill vun dëser Geschicht der Wourecht entsprécht, a wéi



No der Befreiung: d'Spuere vum Schosswiessel sinn net ze iwersinn.
(Offiziell U.S. Army Foto/Archiv Géisdref)




D'Graf vum Day G. Turner zu Hamm. (Foto: Martin Morgan)



Ee klengt Monument fir d'Gedenken un den Day G. Turner am Aastert. (Foto: Martin Morgan)

vill am Laf vun de Joren dobäi erfonnt gouf, ass schwéier rauszefannen. Wat kee bestreide kann ass dem Day G. Turner säi Wëllen. Dofir gouf hien no sengem Dout mat der Congressional Medal of Honor ausgezeechent, der héchster militärescher Auszeechnung an den USA. Leider ass awer och hien dem Zweete Weltkrich zum Affer gefall. Genau ee Mount nom „Wonner vun Dol", ass hien den 8. Februar bei engem Ugrëff op ee Bunker vum Westwall, géigeniwwer vu Wallendorf (D), erschoss ginn. Hie léit um Militärkierfecht zu Hamm begruef.

An awer bleift hien onvergiess. Sou gouf een Denkmal Am Aastert opgeriicht. Och am Kader vum Projet Remember Us, initiéiert vum Naturpark Our an Zesummenaarbecht mam C.E.B.A an den U.S. Veterans Friends, gouf eng Gedenktafel samt Informatiounstext opgeriicht. 2019 huet d'American Battle Monuments Commission ee kuerze Video iwwert den Day G. Turner, zesumme mam Témoignage vum Lucie Leners, dat Am Aastert gewunnt huet, publizéiert. Och den amerikaneschen Historiker Martin Morgan huet am Kader vu sengem Documentaire iwwert d'M1 Gewier 2018 den Aastert besicht.

*Text: Jo Diseviscourt*

Sources:
Morgan Martin, Day G. Turner and the Battle of Am Astert,
https://www.americanrifleman.org/articles/2016/1/8/day-g-turner-and-the-battle-of-am-astert/
https://www.youtube.com/watch?v=5EqHolihsTA
https://www.youtube.com/watch?v=MWPIxt_f8sM

# GUICHET UNIQUE PME

**Haben Sie schon immer davon geträumt, sich selbstständig zu machen – oder sogar Ihr Hobby zum Beruf? Vielleicht sind Sie aber schon längst selbstständig und benötigen eine Beratung für Ihre Projekte?**

Wir bieten kleinen und mittleren Unternehmen im Norden Luxemburgs eine kostenlose Betreuung an und **dank Ihrer Gemeinde können Sie von unseren Dienstleistungen profitieren**.

**Unsere Dienstleistungen**

- Selbstständigkeit, Unternehmensgründung, Unternehmensübergabe ...
- Staatliche Beihilfen, Unternehmensrecht ...
- Hilfe bei Antragstellungen, genereller Check ...
- Kontakthinweise zu Ansprechpartnern
- Veranstaltungen, Weiterbildungen und Networking im Norden Luxemburgs*

(*) Alle Leistungen beziehen sich auf Unternehmen, die der Handels- oder Handwerkskammer zugeordnet sind. Ausgeschlossen sind unter anderem anerkannte Gesundheitsberufe und landwirtschaftliche Betriebe.

**Für Wen?**

- Für Unternehmen mit weniger als 250 Mitarbeitern
- Für jeden, der den Schritt zur Selbstständigkeit in Erwägung zieht

**Als externer Berater sind wir vollkommen unabhängig. Wir arbeiten streng vertraulich und stehen im Dienst der Unternehmen.**

GUICHET UNIQUE PME

Hier buchen Sie sofort Ihren KOSTENLOSEN TERMIN

# KLIMA-AGENCE

**Was wäre, wenn eine unabhängige und kostenlose Grundberatung** Ihnen helfen könnte, die energetische Effizienz Ihres Zuhauses zu verbessern?

**Unsere Gemeinde und Klima-Agence, eine dynamische Zusammenarbeit.**

Gemeinsam begleiten wir Sie, um Lösungen zu finden, die Ihren Vorstellungen von Wohnen und nachhaltiger Mobilität entsprechen, und so effizienter und weniger zu verbrauchen.

Gehen Sie die notwendigen Schritte an, um Ihr Projekt zur energetischen Renovierung oder zum nachhaltigen Bauen erfolgreich umzusetzen. Informieren Sie sich über die verfügbaren Beihilfen, um Ihre Wohnung mit erneuerbaren Energien zu heizen und Strom mit der Sonne zu erzeugen. Oder lassen Sie sich beraten, wie Sie Ihre Energiekosten senken und ganz einfach zur Elektromobilität wechseln können!

Vereinbaren Sie noch heute einen Termin mit Ihrem Klima-Agence-Berater für eine Beratung zu Hause, telefonisch oder per Videokonferenz.

Unabhängige & kostenlose Beratung
klima-agence.lu • 8002 11 90



# NEUES AUS DEM CLUB UEWERSAUER




**Intergenerationelle Aktivitäten:**
Die Workshops, welche mit dem „HansHaff“ in Bockholtz stattfanden, erfreuten sich 2023 erneut wieder an einer hohen Nachfrage. Ob die „Apfelernte auf dem Bauernhof“, der „Nikloosatelier“ oder die Streichelzoos, sämtliche Workshops waren wieder schnell ausgebucht. Unsere Ausflüge für Groß und Klein, wie der Ausflug in den Eifelpark oder in den Märchenpark, waren ebenfalls schnell gefüllt.



**Kulturelle Ausflüge:**
Mitte September, verbrachten wir einen Tag in Saarburg mit einer geführten Besichtigung der Glockengießerei Mabilon.
Am 09. Dezember unternahm der Club Uewersauer einen spontanen Ausflug nach Aachen auf den Weihnachtsmarkt. Gut gelaunt verbrachten die 25 TeilnehmerInnen einen gemütlichen und spannenden Tagesausflug.



**„Bitz-, Strick & NähTreff“:**
Donnerstagsnachmittags können Sie auch während den Sommermonaten weiterhin in angenehmer Atmosphäre kreativ sein. Suchen Sie sich Ihr Näh-, Strick- oder Stickprojekt aus, bringen Sie Ihre Materialien mit zu uns in unseren „Bitz-, Strick- & NähTreff“ und legen Sie los! Natürlich können Sie auch nur einfach für einen Plausch bei einer Tasse Kaffee bei uns vorbeikommen.



**Sportliche Aktivitäten:**
Aufgrund der großen Nachfrage bei unseren Pilates- und Aerobic Kursen mit Julie Wagener, wurden diese ausgebaut und werden weiterhin 2024 veranstaltet werden.
Daneben bieten wir noch regelmäßige Wanderungen, Yogakurse, Online-Yoga, Qi-Gongkurse und Tageswanderungen an.

## HIGHLIGHTS 2024:



**Wir feiern 5 Jahre Club Uewersauer:**
Im Juli 2019, also vor mittlerweile fünf Jahren, haben wir den Club Uewersauer ins Leben gerufen. Aktuell nutzen rund 1200 Menschen die Möglichkeit, regelmäßig an den angebotenen Aktivitäten teilzunehmen.

Wichtig ist zu sagen, dass der „Club Uewersauer“ nicht nur einfach ein Club für Menschen ist, in dem man sich nur auf Kaffee und Kuchen trifft. Dieses Vorurteil gilt es zu bekämpfen, denn man muss nicht erst alt sein oder sich alt fühlen, um an den angebotenen Aktivitäten teilzunehmen. Denn, obwohl sich der Club in erster Linie an SeniorInnen richtet, kann jeder, ob jung oder weniger jung, an den Aktivitäten des Clubs teilnehmen.

Fünf Jahre sind Anlass genug, mit Torte, Musik und viel guter Laune zu feiern.

# SEMAINES DE LA SANTÉ MENTALE

## Lëtzebuerg engagéiert sech fir déi psychesch Gesondheet!

Dëst ass d'Motto vun den **« semaines de la santé mentale »**, déi säit 2018 all zwee Joer vun der Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale (D'Ligue) mat hirem Informatiouns- a Präventiounszentrum organiséiert ginn.

Déi véiert Editioun fënnt vum **7. bis den 20. Oktober 2024** statt a geet em déi mental Gesondheet vu Kanner a Jonker: **„Ënnerstëtzung vun der Jugend, Zukunft gestalten"**

All Veräin, Schoul, Entreprise, kulturell Institutioun oder engagéiert Persoun ka Partner ginn, andeem Dir eng eegen Aktioun organiséiert an dës op www.semainesantementale areescht.

Zéckt net eis ze kontaktéieren, wann dir nach weider Froen hutt. Mir stinn Iech gären zur Verfügung fir Iech bei der Ëmsetzung vun Ärem Projet ze ënnerstëtzen.

## *Le Luxembourg se mobilise pour la santé mentale !*

*Tel est le mot d'ordre des **semaines de la santé mentale** organisées tous les deux ans depuis 2018 par la Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale (D'Ligue) et son Centre d'Information et de Prévention.*

*La 4e édition des semaines aura lieu du **7 au 20 octobre 2024** et aura pour thème la santé mentale des enfants et des jeunes : **« Soutenir les jeunes, construire l'avenir »***

*Que vous soyez une association, une école, une entreprise, une institution culturelle ou une personne engagée, vous pouvez devenir partenaire en organisant votre propre action et en la soumettant sur www.semainesantementale.lu.*

*N'hésitez pas à nous contacter pour de plus amples informations, d'éventuelles questions ou des conseils. Nous nous ferons un plaisir de vous conseiller dans la réalisation de votre projet.*



# STËFTUNG HËLLEF DOHEEM „MËNSCHLECH A KOMPETENT"

Mit unserem häuslichen Pflegedienst in der Gemeinde Goesdorf durch den wir bereits seit über 25 Jahren den Einwohner*innen unsere Dienste anbieten, können wir auf eine lange und enge Zusammenarbeit mit der Gemeinde Goesdorf zurückblicken.

Unser Hauptanliegen ist es, dass Sie als Einwohner*innen der Gemeinde Goesdorf so lange wie möglich in Ihrer gewohnten häuslichen Umgebung bleiben können.

**Um Sie in ihrem Alltag bestmöglich unterstützen zu können, bieten wir die unterschiedlichsten Hilfen und Pflegeleistungen an:**

- Unterstützung bei der Körperpflege und beim Essen
- Durchführung ärztlicher Verordnungen wie z.B. Verbände und Spritzen
- Unterstützung im Haushalt wie z.B. Putzen, Einkäufe erledigen, Wäschedienst
- Sicherheit im häuslichen Umfeld durch unseren Telealarm
- Begleitung beispielsweise beim Einkaufen oder für Arztbesuche
- Individuelle Betreuung bei Ihnen zu Hause
- Tagesstätte

Die unterschiedlichen Leistungen werden im Rahmen der Pflegeversicherung, der Gesundheitskasse und/oder in Eigenbeteiligung angeboten.

Um Ihre konkrete Anfrage zu den benötigten Pflege- und Hilfsleistungen zu erfahren, können sie uns gerne von montags bis freitags zwischen 8:00 und 17:00 Uhr in unserem Pflegezentrum in Wiltz unter der Telefonnummer: 402080-5300 anrufen.

Wir sind auch immer außerhalb der Bürozeiten für Sie unter der bekannten Telefonnummer 402080-5300 erreichbar. Ihr Anliegen wird dann von Sécher Doheem entgegengenommen und an unser Pflegezentrum weitergeleitet. Wir melden uns danach schnellstmöglich bei Ihnen zurück.

Wir freuen uns auf Sie!

Die Stëftung Hëllef Doheem ist seit 1999 ein verlässlicher Partner an ihrer Seite.

**#aguddenhänn**

Stëftung HËLLEF DOHEEM | 25 JOER

#aguddenhänn

Foto-Opruff

# KNIPS DENG GEMENG!

## *THEMA: BIEN-ÊTRE A QUALITÉ DE VIE AN DER GEMENG GÉISDREF*

Fir d'alleréischt wëlle mer all de Participantë vun der 3. Editioun vum Foto-Quiz Merci soen!

Mir gratuléiere ganz häerzlech der Madame Françoise Muller, déi de flotte Set vu Lanteren huet dierfe mat heem huelen!

Dës Kéier géife mir Iech gär froen, fir eis Fotoen eran ze schécken.

Wéist eis op Fotoen, wat Iech an der Gemeng Géisdref gutt gefält.

Qualité de vie a Bien-Être vun eiser schéiner Gemeng a Biller.

Op hobby- oder professionelle Fotograf, schéckt eis bis spéitstens den **8. Juli 2024** Är schéinste Foto(en) aus der Gemeng op follgend E-Mail Adress eran: communication@goesdorf.lu

D'Fotoe ginn dono op eise Social Media veräffentlecht.

Vill Spaass beim knipsen!



# Äntwerten Editioun 2023-2



1




5



2



3



4



6

Foto 1: Denkmal Sergeant Day G. Turner, Dol
Foto 2: Schlierbach, Buederscheid
Foto 3: Neimans-Kräiz, Dol
Foto 4: Camping du Nord, Goebelsmuehle
Foto 5: Bunker Dol
Foto 6: Schoul Dol

# HEXEMEESCHTER VUN NACHER











Eng laang an intensiv Saison geet fir d'Hexemeeschter vun Nacher op en Enn.

Schwéierpunkt vun den Hexemeeschter ass Theater spille wat och dëst Joer no nit manner wei 47 Prouwe Mëtt Januar gemaach ginn ass. Mee nit nëmmen Theater gouf dëst Joer gespillt, den November hunn si een Don vun 1500€ un d'MEMA asbl (mon école mon avenir) gespent. Virun ass et dunn den éischte Weekend Dezember gaange wou si och ee Stand déi zwee Deeg um Krëstmoart hate, wou Kochelen a Currywurscht verkaaft ginn ass. Den zweeten an drëtte Weekend Januar ass Theater gespillt ginn, a fir d'Saison ofzeronnen, hunn si hiren éischte Fuesbal zu Nacher am Sall ofgehal.

Fir all de Membere Merci ze soen, war hiert Ofschlossiesse vun der Saison de 24. Februar, wou d'Saison dunn definitiv ad acta geluecht gouf. Mee wei heescht et sou schéin „No der Saison, ass virun der Saison" an sou gëtt scho rëm un den nächsten Aktivitéite geplangt, an déi éischt dovun ass d'Generalversammlung déi traditionell den Dag viru Christi Himmelfaart, den 8. Mee, ass. Jiddereen, deen intresséiert ass an engem flotten an intressante Veräin aktiv eng Hand mat unzepaken kann sech beim Präsident, Paquay Fernand oder dem Sekretär, Bolmer Eric mellen.

Fir d'Hexemeeschter
Bolmer Eric

# SÄNGERFRËNN CAECILIA GEMENG GÉISDREF



Bei der vum 8. Mäerz gehalener Generalversammlung am Sall zu Nacher, konnt d'Vizepräsidentin Danielle Ciorba-Leners eng zuelräich Membere vum Gesank a vun der Gemeng begréissen.

Nom grousse Merci fir all Asaz vum leschte Joer huet den Aktivitéitsbericht vum Claudine Hendriks dat och bestätegt. Eraus ze picke war d'Sängertreffen zu Klierf, wou 9 Choralen hiert akustischt Kënnen konnte beweisen an den traditionelle Chrëschtconcert, Uucht am Advent.

De Keessier Nico Schartz ass duerno op déi finanziell Situatioun agaang.

Uschléissend si 5 Membere geéiert ginn :
Melissa Schartz : 10 Joer Médaille en Bronze
Mike Logtenberg : 10 Joer, Médaille en Bronze
Manon Toussaint : 20 Joer, Médaille en Argent
Carlo Treff : 40 Joer, Médaille avec Palmettes
Jean-Claude Lahyr : 50 Joer, Plaquette en Or vum Pius-verband.

De Buergermeeschter Jean-Paul Mathay an de Paschtouer Marco Wehles haten och nëmme positiv Wieder fir d'Chorale ze soen.

Nom Bléck an d'Zukunft gouf et e gudde Maufel z'iessen a bei engem Patt de Rescht vum Owend verbruet.

*Text: Claudine Conzemius-Hendriks*

# FRAEN A MAMMEN

D'Fraen a Mammen aus der Gemeng Géisdref hu Sonndes de 4. Februar 2024 hiren éischte Kannerfuesbal zu Nacher am Sall organiséiert.

Dëse war och gläich ee groussen Erfolleg. Kleng a Grouss, Jonk an Al hunn sech vun der Animatioun vum Jonn Happi matrappe gelooss.

Fir Eessen an Drénke war och beschtens gesuergt.

Mir freeën eis op alle Fall op 2025 wann et erëm heescht: Kannerfuesbal zu Nacher am Sall.
*Text: Monique Arens-Treff*







# DËSCHTENNIS











Och eist zweet Dëschtennis-Turnéier, wat den 13 Abrëll 2024 an der neier Sportshal zu Dol organiséiert gouf, war ee groussen Erfolleg. Mat insgesamt 250 Inscriptiounen an net manner wei 10 verschiddenen Kategorien hu begeeschtert Dëschtennis-Spiller aus dem ganze Land, vu jonk bis al, hiert Talent ënnert Beweis gestallt a Si hunn sech a spannende Matcher näischt geschenkt.

Trotz allem Éiergäitz gouf Zäit zwëschent de Matcher genotzt fir al Bekanntschaften ze pflegen, nei Frëndschaften ze schléissen oder awer iwwert déi sëllege Matcher ze diskutéieren.

Den Héichpunkt vum Turnéier waren natierlech Finalen an de verschiddenen Kategorien. Zuschauer krute mei wéi ee spektakuläre Ballwiessel gebueden an d'Spannung war bis op Tribünen ze spieren. Dass de spillereschen Niveau zum Deel ganz héich war huet een un de knappe Resultater an de Matcher erkannt awer och dorun, dass Spiller aus de grousse Veräiner, deelweis ënnert den 100 beschte Spiller aus dem Land, de Wee bei den DT Nacher fonnt hunn.

Nieft dem sportlechen Aspekt war awer och fir dat leiflecht Wuel vun de Spiller, hire Begleetpersounen an de lokale Leit aus der Gemeng gesuergt. De ganzen Dag iwwer konnt een sech verwinne loossen, sief dat bei enger gudder Gulaschzopp, engem Croque Monsieur, Bréidercher oder engem gudde Stéck Kuch. Natierlech huet och kee missten Duuscht leide bei där ganzer Ustrengung an deem sonnege Wierder.

Merci all deenen, déi ënnert wei enger Form och ëmmer, eng Hand mat ugepak hunn, deem villen positive Feedback dee mir kritt hunn an hoffentlech bis spéitstens den 12 Abrëll 2025, wann den DT Nacher op säin drëtten Dëschtennis-Turnéier invitéiert!

*Text: Jeff Peiffer*




# SCHÉCKT EIS ÄR ARTIKELEN!

**D'Clibb an d'Associatioune stellen e wesentleche Bestanddeel vum sportlechen a kulturelle Liewe vun enger Gemeng duer.**

**Dowéinst géife mir eis freeën, ären Eventer an Organisatioune méi eng grouss Visibilitéit z'assuréieren.**

D'Géisdrefer Lanter ass en exzellente Support dofir. Hei ass Platz virgesi fir kommend Manifestatiounen unzekënnegen, oder op Veranstaltungen zeréck ze kucken.

Ouni iech geet et net !

Hëlleft eis, d'Géisdrefer Lanter mat Fotoen an Texter ze fidderen, an alle Bierger eng flott an intressant Lektür an d'Haus ze liwweren.

Schéckt eis Äert Material (Fotoen a gudder Qualitéit an Text am Word-Format) zu all Moment eran.

**Dead-Line fir d'Editioun 2024/02 vun der Géisdrefer Lanter ass de 27. September 2024.**

Setzt iech un är Tastatur, huelt de Fotoapparat an d'Hand a schéisst lass.

Merci fir är Mathëllef.

**communication@goesdorf.lu**

(Mir halen eis selbstverständlech, als Editeur responsable, d'Recht vir, Texter ze reformuléieren, ze kierzen oder Passagen ze sträichen.)

# D'GROUSS BOTZ



De 16. Mäerz huet déi grouss Botz an der Gemeng stattfonnt. E ganze Koup Leit hunn sech Zäit geholl, fir eng Hand mat unzepaken, dass eis Dierfer an Natur ronderëm propper bleift. E ganz grousse Merci u jiddereen, deen dobäi war!

# ÄR MEENUNG ZIELT!




Mam Zil, eis Gemengen-Déngschtleeschtungen ëmmer weider ze verbesseren an Är Erwaardunge beschtméiglech ze erfëllen, hu mir en oppent Ouer fir eis Bierger:

Wéi eng Sujete misste méi thematiséiert ginn?

Wat fannt Dir gutt, wat gefält Iech gutt?
Wat stéiert Iech?

Ob Luef oder Kritik, loosst eis et wëssen:
communication@goesdorf.lu

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2024

| DATUM | | VERÄIN | UERTSCHAFT |
|---|---|---|---|
| 23.06.2024 | Nationalfeierdag | Gemeng Géisdref | Dol |
| 05.07.2024 | Journée des récompenses | Kulturkommissioun | Sall Nacher |
| 07.07.2024 | Familljendag | Sängerfrenn Caecilia | Sall Géisdref |
| 13/07/2024 | Bal | Jeunesse Géisdref-Boukels | Sall Géisdref |
| 27/07/2024 | Vëlosummer | | N27 |
| 28/07/2024 | Vëlosummer | | N27 |
| 15.08.2024 | Krautweschfeier | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 17.08.2024 | Bal | Jeunesse Géisdref-Boukels | Sall Géisdref |
| 25.08.2024 | Trakteurstreffen | Trakteursfrënn | Sall Nacher |
| 14.09.2024 | Kiermesbal | Entente Géisdref | Sall Géisdref |
| 14/09/2024 | Hämmelsmarsch | Entente Géisdref | Géisdref |
| 06.10.2024 | Träipennomëtteg | Jeunesse Géisdref | Sall Géisdref |
| 12.10.2024 | Galaconcert | Sängerfrenn Caecilia | Sall Nacher |
| 18.10.2024 | Bal | Jeunesse Dol | Sall Géisdref |
| 20.10.2024 | Kiermes Bidscht | | |
| 10.11.2024 | Hierkenfest | Coin du Terre | Sall Nacher |
| 21.11.2024 | Journée du 3ième âge | Gemeng Géisdref + Club Uewersauer | Sall Nacher |
| 23.11.2024 | Beaujolais | Jeunesse Dol | Sall Nacher |
| 29.11.2024 | Krëstmoart | Gemeng Géisdref + Kulturkommissioun | Schoul zu Dol |
| 30.11.2024 | Krëstmoart | Gemeng Géisdref + Kulturkommissioun | Schoul zu Dol |
| 03.12.2024 | Adventsnomëtteg | Fraen & Mammen | Sall Nacher |
| 15.12.2024 | Uucht am Advent | Sängerfrënn Caecilia | Sall Nacher |

## *VOTRE AVIS NOUS INTÉRESSE!*




*Soucieux de l'amélioration continue de nos services communaux, et afin de répondre au mieux à vos attentes, nous sommes à l'écoute du citoyen :*

*Quels thèmes devraient être davantage abordés ?*

*Qu'est-ce que vous trouvez bien, qu'est-ce qui vous plaît le plus ?*

*Qu'est-ce que vous dérange ?*

*Qu'il s'agisse de compliments ou de critiques, faites-le nous savoir : communication@goesdorf.lu*

# FOTO-REPORTAGEN

## JOURNÉE DU TROISIÈME ÂGE 20 NOVEMBER 2023





## KRËSTMOART 2023

Den 1. an den 2. Dezember 2023 haten d'Maison Relais, d'Crèche an d'Schoul vun Dol zesummen ee Stand um Krëstmoart. D'Kanner hunn 2 Méint virdru fläisseg gebastelt a gebak fir hier Saachen um Krëstmoart kënnen ze verkafen.

Wärend zwee Deeg hunn d'Personal vum Campus „op der Heckt" du fläisseg de Kanner hir Bastelsaache verkaaft an domadden 2000€ gesammelt déi si der „Fondatioun Kriibskrank Kanner" gespent hunn.

Matt all deene schéinen Artikele war dem Campus „op der Heckt" hir Bud och schéi gerëscht an ass bal aus allen Néit geplatzt!

D'Kanner an d'Personal vum Campus soen all de Leit ee groussen MERCI déi zu eiser Spent bäigedroen hunn.



# RÉCKBLÉCK OP DE KRËSTMOART 2023





















# GLËTZFOTOEN

Den 19. Januar war en exceptionellen Dag: Wéinst de virausgesote Wiederkonditiounen huet den Educatiounsministère de Virowend decidéiert, d'Schoulen zouzemaachen, an d'Leit dozou opgeruff, sou wäit et méiglech ass, doheem ze bleiwen an onnéideg Deplacementer ze vermeiden.

Iwwer eis Social Media hate mir en Opruff gemaach, fir schéi Wanter-, Schnéi- a Glëtzfotoen vun Iech geschéckt ze kréien. An dir hutt geliwwert!


Nach emol e grousse Merci u jiddereen, deen eis eppes erageschéckt huet!


1


2


3


4


5


6


7


8


9


10


11

1. Rose Peiffer
2. Nico Schaal
3. Franco da Rocha
4. Martine Steichen
5. Mike Zenner
6. Mariette Verspaandonk
7. Mike Zenner
8. Ronny Sliepen
9. Marc Siebenaller
10. Sandy Floener
11. Jean Raach
12. Marco Steinert-Beckmann
13. Marco Steinert-Beckmann



12


13

# NEIJOERSRECEPTIOUN

Eng Neijoersreceptioun ass ëmmer e gudde Moment fir zeréckzekucken. Dëst Joer goufen e puer Leit fir hiren Déngscht un der Gemeng Géisdref geéiert:

1. Bourckel Ralph
2. Flora Christian
3. Maes Norbert
4. Rentmeister Isabelle
5. Schmitz Carlo
6. Simon Peggy
7. Gilson Claude, dee leider op der Feier net present konnt sinn.



1



2



3



4



5



6

# LIICHTMESSDAG AN FETTENDONNESCHDEN

Nacher : „Et ass wichteg, dass esou Traditiounen net verluer ginn“ sot den Här Max Hahn, Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil. A getrei dem Motto hunn sech d’Kanner aus dem klengen Dierfchen Nacher an der Gemeng Géisdref e Freiden, den 2. Februar 2024 op de Wee gemaach fir liichten ze goen. Mat vill Motivatioun a Freed hunn si net nëmme fir sech gesongen, mee och fir datt si vill Suen zesumme kréien. Ganz stolz konnt de Buergermeeschter, den Här Jean-Paul Mathay, ob déi kleng a grouss Kanner sinn, déi ganz houfreg 803€ un d’Associatioun Wonschkutsch weiderginn hunn. Och um Fettendonneschden sinn d’Kanner vun Haus zu Haus heesche gaangen, wou si ëmmer mat engem Laachen an engem Merci begréisst gi sinn. Mat vill Kamellen a Fuesecht verwinnt, woussten d’Kanner och elo schonn dat si nächst Joer erëm wëlle matgoen.

*Text: Nathalie Calmes*







# CAMPING DU NORD

De Camping du Nord krut Mëtt Abrëll hier Klassifikatiounsplaquetten iwwerreecht. Domadder gehéieren si zu de Campinger, déi sech no eenheetleche Critèrë vun der „Camprilux Campings" a Lëtzebuerg an der Generaldirektioun fir Tourismus evaluéiere loosse fir de Residenten an Touristen eng transparent Offer ze bidden.



Si soen dem Minister Eric Thill an dem Buergermeeschter Jean-Paul Mathay vun der Gemeng Géisdref, e grousse Merci fir hir Präsenz!

*Text : Famill Vermeulen*















GOESDORF
Gemeng Géisdref
*Hei wëll ech bleiwen!*